DEN LTJBM, COMENIUS SCHOOL 2006/2007

Och dëst Joer war den LTJBM am SEVOLIO (Self-evaluation with Portfolio) -Projet am Cader vum europäesche Comenius-Programm engagéiert. Zesummen mat Proffen aus aaneren europäesche Länner (Belge, Polen, Spuenien, Rumänien, Dänemark) ass iwwert d'Asetze vum Portfolio an der Klass, d'Zieler vun dëser Aarbecht a Froen a Problemer, déi domat verbonne sinn, diskutéiert ginn. Am Schouljoer 2006/2007 goufen et dräi Aarbechtsmeetingen:

- zu Eeklo, (Belge), vum 25. bis den 29.Oktober 2006
- zu Pola de Siero, (Spuenien), vum 6. bis den 10. März 2007
- zuTwardogora, (Polen), vum 23. bis de 27. Mee 2007.

Tëscht dësen Treffen ass dann an de Schoulen esou wäit wéi méiglech geschafft ginn fir Erfahrungen mam Portfolio ze sammelen, den Emgang domat ze verbesseren an d'Schüler och em hier Meenung zur neier Arbechtsmethod ze froen. Bei eis ass de Portfolio jo duerch de Projet d'innovation pédagogique "Léiere fir d'Liewen" revaloriséiert ginn, vu dat jo pro Fach Zieler gesaat ginn an d'Schüler méi genau gesinn wou hir Stärkten a Schwächten leien. All dëss Tracen an Iwerleeungen ginn an engem allgemengen oder an engem fachspezifeschen Portfolio festgehaal.

E Link zur Homepage vum Projet fannt dir um Site vun eiser Schoul. Hei d'Lëscht an d'Internetadressen vun de Schoulen, déi beim Projet matmaachen.

- Lycée technique Josy Barthel à Mamer
  www.ltjbm.lu
- Dalmose Centralskole
  www.hashoej.dk/dalmoseskole
- Sint-Annainstituut
  www.collegetendoorn.zvl.org
- Gimnazjum nr 1 w Twardogorze
  www.welcome.to/gimnazjum
- SCOALA "ION CREANGA"
  www.scoalacreanga.ro
- IES ESCULTOR JUAN DE VILLANUEVA
  www.educastur.princast.es/ies/escultor

Fir den Ofschloss vum zweeten SEVOLIO Joer ass fir di eenzel Schoulen, awer och fir all bedeelegt Proffen a Schüler Bilan gezu ginn. Mir présentéiren lech e puer perséinlech Iwerleeungen vu verschiddene Akteuren vum SEVOLIO Projet.

Claude Christnach (chef de projet)
Nadine Feierstein
Sophie Lehnert
Michel Dohn

„Fir den LTJBM ass dëse Projet den éischte Kontakt mat auslännesche Schoulen an der kuerzer Geschicht vun eiser Schoul. Besonnesch wat d'Aarbecht mam Portfolio ugeet, konnte mir vum Austausch mat den europäesche Kollegen profitéieren, vu dat et zu Lëtzebuerg nach praktesch keng Erfahrungen an dësem Beräich ginn.

Dëse Projet ass eng flott Geleeënheet fir iwwert eis alldeeglech Aarbecht an der Schoul nozedenken. An dem europäesche Kader konnte mir eis un den Erfahrungen vun de Kollegen a Schüler aus de verschiddene Länner inspiréieren an och positiv a negativ Säiten vun den eenzelne Schoulsystemer kenneléieren. Di Iddiën, déi mir am Kader vum SEVOLIO konnte sammelen, hunn eis och beim Emsetzen vum Projet d'innovation pédagogique gehollef, zum Beispill wéi een zielorientéiert mat de Schüler schaffe kann a wéi eng Roll d'Autoevaluatioun vun de Schüler an dem Kontext ka spillen."

Sophie Lehnert
Claude Christnach
Nadine Feierstein